PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/07/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.

Duerch de Confinement gouf am Kader vun de Sécherheetsmesure géint d'Covid-19-Pandemie d'Telemedezin staark ausgebaut. Op ee Coup huet d'CNS et méiglech gemaach, datt Patienten an d'Medezinner iwwer Telefon oder Video hier Consultatiounen konnten ofhalen. Assuréeën, déi wéint engem Krankheetsfall net konnte schaffe goen, kruten doduerch hire Certificat d'incapacité de Travail direkt iwwert een automatesche Mail vun der Plattform eSanté zougeschéckt.

Direkt e puer Persounen hu mech drop opmierksam gemaach, datt am PDF-Unhang am Mail och de "Code Diagnostic" vum Certificat ze gesi war an am Mail kee weideren Exemplar ugehaange war, wou de Code Diagnostic fir de Patron onsiichtbar war. De Secret médical tëscht Patient an Doktor ass an dësem Fall net respektéiert, well de Patron mam Code Diagnostic kann erausfannen, wéi eng Krankheet säin Employé huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministere confirméieren, datt de Code Diagnostic bei deenen automatesch erstalltenen Dokumenter ëmmer um PDF ze gesi war?
2. Ass oder war fir d'Ministeren dës Praxis konform mam Secret médical?
3. Gouf dës Faille behuewen a falls jo, wéini?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député